N°919
Entrée le 24.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.06.2024
Chambre des Députés

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Juni 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Esou wéi rezent annoncéiert gouf, ginn all déi virum 1. August 2018 vereedegt C1-Beamten, déi virum 1. August 2018 e Fin d'études secondaires oder en equivalenten Ofschloss haten, reklasséiert. Esou wéi et schéngt refuséiert d'Regierung awer, C2-Beamten an och net vereedegt Beamten, déi op den Datum vum 1. August 2018 nach an der Schoul waren oder d'Schoul réischt ugefaang hunn, vum Reklassement profitéieren ze loossen, well sech strikt un d'Arrête vun der Cour constitutionnelle an der Cour administrative gehale gëtt. Déi Beamten, déi eng Voie expresse oder en Out-In gemaach hunn, kréien d'Wiel, ob si wëlle bleiwen, wou si sinn, oder reklasséiert wëlle ginn. Et gouf iwwerdeems annoncéiert, datt d'Policegewerkschaft SNPGL iwwert de Summer en Avant-projet de loi zum Reklassement kritt, wou dann och dra festgehal soll ginn, datt d'Méiglechkeet vun der Voie expresse weiderhi bestoe bleift an och déi gestoppten Avancementer weider lafen. Vu Säite vum Ministère heescht et, datt Nodeeler, déi eventuell fir d'Leit entstinn, duerch eng Mesure transitoire solle réckwierkend korrigéiert ginn.

An deem Kontext géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Wat geschitt mat deene Beamten, déi zwar wuel een Ofschloss hunn, awer déi uewe genannte Konditiounen net erfëllen z.B. well se hiren Diplom eréischt 2019 oder 2020 gemaach hunn?
2. Firwat gëtt et keng Phase transitoire vun e puer Joer, esou datt och de Beamten, dee virun 2018 ugestallt war a no 2018 säin Ofschloss gemaach huet an elo net en rang utile ass fir ee Reklassement, kéint vun deenen uewe genannte Mesure profitéieren?
3. Wat geschitt mat deene Beamten, déi elo reklasséiert ginn, awer schonn 2019 d'Voie expresse gemaach hunn?
4. Wann déi Beamten, déi elo reklasséiert ginn, awer schonn 2019 d'Voie expresse gemaach hunn, réckwierkend op 2018 reklasséiert ginn, kréien dann aner Beamten d'Méiglechkeet, hier Platz anzehuelen fir d'Voie expresse vun 2019 (déi déi reklasséiert Beamte jo dann de facto net gemaach hunn)?
5. Am Hibléck op déi concernéiert Beamten, déi eréischt 2022 an d'Voie expresse komm sinn, well si 2019 net ënnert déi Unzuel vun 20% gefall sinn, déi dee Moment eligibel waren: Géif deene Beamten hier Voie expresse vun 2022, z.B. réckwierkend op 2019 unerkannt ginn (well an deem Fall nom Reklassement nach Platze fräi waren a wat mat sech brénge géif, datt dës Beamten haut dräi Grade méi wäit wieren)?

6. Wéini sollen d'Voie expresse an d'Avancementer nees ulafen an ass virgesinn, datt sech eppes un de Modalitéiten (z.B. Krittäre fir d'Eligibilitéit vun de Beamten etc.) ännere soll?
7. Gesäit d'Regierung net d'Gefor, dass duerch déi uewe genannte Moossnamen eng Rei Beamten sech iwwergaangen, respektiv onfair behandelt fillen a sech duerch dëst Gesetz gezwonge gesinn, selwer Recoursen um Verwaltungsgeriicht anzereechen?
8. Wär et an deem Kontext - an am Hibléck op déi allgemeng Zefriddenheet am Corps - net méi sënnvoll, ee Kompromëss ze sichen, dee jiddereen zefridde stellt? Wa jo, wéi soll dëse Kompromëss konkret ausgesinn a wéini ka mat der Ëmsetzung vun dësem gerechent ginn?

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig
Deputéierten